

NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

# Alstad news

2/2006

Virwuert

## Léiw Frënn vum Comité Alstad,




Dir gesitt an dësem Bulletin wéi eng Objeeën mir fir Chreschtdaag 2007 erausginn a wéi mir iech soss nach e wéineg behölleflech kenn sinn an der Wiel vun de Kadoën fir déi kommend Feierdeeg.

Een intressanten Plang vum Hermanus van Loon, deen an der Nationalbibliothéik versuergt gött, an ons fréndlecher Weis zur Verfügung gestallt gouf, weist ons Stad Stad Lëtzebuerg am Joer 1693. E speziellen Lëtzebuergeschen a ganz schéinen Kado fir Feierdeeg ass och déi flott Kravatte vum Comité Alstad.

Geschicht a Geschichtercher aus der aler Stad gin et an eiser néier Serie «Ronderöm de Fëschmaart» .

Och an Zukunft wëlle mir Iech weider iwwert ons Aktivitéiten an och wat et soss nach vun Neiegkeeten an der Alstad gëtt informéieren.



*Schéi feierdeeg an e glécklecht Neit Joer 2007 wënschen de Comité Alstad,*

alle Memberen, de Sponsoren an alle Frënn vun der Alstad fir 2007, an zielen virun op Iech an op ären Intressi a mir hoffen, Iech op onsen nächste Rendezvousen erëm ze gesinn.

Jean-Mathias GOERENS

*President*

## OPRUFF

Mir sinn derbäi
e Photoarchiv opzebauen.
A mir wiere frou wa mir op Är Mathëllef kéinten zielen.

Mir siche Photoe vun onser Alstad dem Fëschmaart.

Architekturphotoen,
kulturell Manifestatiounen,
vun der Éimaischen,
vu sportlechen Evenementer,
reliéis Gebräicher, Persounen
asw., esou ze soen alles wat mam Fëschmaart zesummen hängt.

Wann Dier esou Photoen hutt wiere mir ganz frou, wann Dier ons déi géift zur Verfügung stellen, fir dass mer dovunner kéinten eng Copie man.

Et versteet sech vum selwen dass Dier Är Originaler onbeschiedegt zréck kritt.

Wann Dier ons hëllefe könnt, da rufft ons einfach un,
um **TELEFON: 46 61 88**


Elo schonns e ganz grousse Merci fir Är Mathëllef

**Sëtz:** 1 Logegaass um Fëschmaart
**Postadress:**
Postkëscht 1325 • L-1945 Lëtzebuerg
**Telefon:** 46 61 88 • Fax: 40 97 50
**E-mail:** comite.alstad@pt.lu
**Internet:** www.comitealstad.lu

# RONDERÖM DE FËSCHMAART

## GESCHICHT A GESCHICHTERCHER AUS DER ALER STAD ZESUMMENGESTALLT VUM CLAUDE ESCH AN D'FOTOËN SI VUM SERGE DI PAOLI

Déi Plaaz déi haut am Volleksmond Fëschmaart genannt gött, ass de Mëttelpunkt vun der Alstad. Am Mëttelalter huet sech hei den méischten Geschäftsverkéier ofgespillt, well ët wor jo schliesslech eng Maartplaaz. Wéi awer dun eng nei Maartplaaz enstann ass, virun der 1120 erbauten Nikloskierch, do wou haut ons d'Chambergebai steet an ons gewielten Vollekstvertrieder Geschéicker vum Land leeden, heescht de Fëschmaart „Ale Maart". Kurz Zäit goung esougour Rieds vum Kéismaart oder Véimaart an och gong Rieds vum Schwengsmaart. Kann och de Fëschmaart nött a Konkurenz trieden mat aner groussen Maartplaazen an Europa, sou huet de Fëschmaart awer fir ons Lëtzebuerger seng geschichtlech Bedeitung.



Bekanntlech hat den Grof Siegfried, am Joer 963 duerch en Tosch „Kastell Lucilinburhuc" an sein Besötz bruecht. Op dem Bockfiels huet dun de Grof eng gréisser Buerg baue geloss. Dat wor den Ufank vun der spéiderer Stad Lëtzebuerg. Bannenzech der éischter Rengmauer, déi kaum méi ewéi den heitegen Fëschmaart ëmfaasst huet hun sech Baueren, Handwierker an Aarbechter niedergeloss déi am Dëngscht vum Grof an dem Schlass stongen. Déi éischt Rengmauer hat 7 véiereckeg Tiirm an een Gruef. Am 11ten Joerhonnert wor Zuel vun den Awunner esou an d'Luucht gang dass eng zweet Rengmauer huet misse gebaut ginn, déi dann schons 12 Tiirm an e Gruef hat. Am Joer 1388 wor dun déi drëtt Rengmauer mat 18 Tiirm färdeg. Déi drëtt Rengmauer huet 33 Hektar ëmfaasst, wouvun de Fëschmaart nömmen méi e klengen bescheidenen Deel ageholl huet, obschons ëtt de Mëttelpunkt vun der Alstad wor.

Wa mer duerch d'Wiltheimstrooss gin vun wou aus mer onser klengen Trëppeltour ronderöm an iwert de Fëschmaart ufänken gesinn mer op der lenkser Säit den Nationalmusée vun der Konscht an der Geschicht, deen an den drësseger Joeren seng Diiren opgemach huet an elo komplett renovéiert gouf. E kleng Bemierkung: Nëtt lanscht goen, ëtt dass derwert fir eran ze kucken. Mir trëppelen weider bei „3 Tirr". Mé ir mer bei 3 Tiir ginn, wölle mer nach e Bléick an „d'Schéieschlach" riskéieren. Dëst ass den élsten Unhaltspunkt fir d'Geschicht vum Fëschmaart. Ett ass d'Réimerstrooss déi vun Arel direkt an Grousgaass féiert a vun do an d'Fleschiergaass, dann duerch d'Schéieschlach bis erof bei d'Uelzecht. Haut ass keen Duerchgang méi do, ëtt könnt een bis an den baneschten Haff, den zou der fréierer Josephsklinik gehéiert huet. Bannen am Haff gesinn mer 2 stengen Käpp agemauert. Wien ëtt ass a watt se duerstellen a wat fir eng Bedeitung se hun, ass bis zum heitegen Dag nach nött gewosst. Mé losse mer weider trëppelen duerch d'Wiltheimstrooss, an ons déi schéin restauréiert Häiser ukucken, ir mer de Bierg erof ginn fir bei 3 Tiir ze kommen.






Virun ons erhiewt sech elo déi impressionant Mass, déi sougenannt „3 Tiir". Gebaut goufen se ëm 1050 ënnert dem Grof Giselbert. Soe mer awer och dass an den 3 Tiir d'Guillotine versuergt gouf. A wann se gebraucht ginn ass, dann ass se den Dag virdrun op d'Fëschmaarterplaaz (déi heiteg Plaaz virun dem Musée) transportéiert gin a gouf och do opgeriicht. An och nött ze vergiessen as, dass 3 Tiir bis zum Joer 1810 als Prisong fonktionnéiert hun. No 1871 huet dunn den Capitaine Weydert an den 3 Tiir gewunnt an huet huet hei un sengem Festungsrelief geschafft, an dat en haut am Nationalmusée kann bewonneren. De Capitaine Weydert ass um Lampertsbierg um Nikloskierfecht begruewen a sein Graaf ass eng Nobildung vun den 3 Tiir.


**Weider op onsem Trëppeltout geet ëtt an den ALSTAD NEWS 3**

RONDERÖM DE FËSCHMAART

CLAUDE ESCH








# Plang

## vun der Stad Lëtzebuerg – 1693

Dösen intressanten Plang vum Hermanus van Loon, deen an der Nationalbibliothéik versuergt gött, an ons frëndlecher Weis zur Verfügung gestallt gouf, weist ons Stad Stad Lëtzebuerg am Joer 1693.

De Comité Alstad bidd Iech elo dösen schéinen Stadplang als Reproduktioun un. De Plang, 30 x 40 cm. Ass op Pobeier Steinbach grain 250gr./mÇ 50 x 40 cm, gedreckt.

Bestellen kann een de Plang vun elo un beim Comité Alstad duerch iwwerweisen vun 25 € op een vun onsen Konten bei der

**Fortis Bank Lëtzebuerg: IBAN LU64 0030 7564 6694 0000**
**Spuerkeess: IBAN LU64 0019 1755 0897 0000**
**Postscheck: IBAN LU02 1111 0080 8736 0000**

Ofhuelen kann een säin bestallten a bezuelten Exemplair vum 15 Dezember 2006 un an der Galerie "Konschthaus beim Engel" op N° 1 an der Logegass um Fëschmaart, an dat all Dag vun muerjes 10:00 bis 12:00 Auer a nométtes vun 13:00 bis 19:00 Auer. Méindes ass d'Galerie zou.

**E schéinen Kado fir déi kommend Feierdeeg vum Joeresënn.**



## Kravatte Comité Alstad

E speziellen Lëtzebuergeschen a ganz schéinen Kado fir Feierdeeg ass och déi flott Kravatte vum Comité Alstad. Als Motiv huet se de Renert, de Wëllem II um Knuedler, Zeechnungen aus dem Franz Kinnen sengen Renert.

Bestellen kann een déi flotte Kravatte an der Kadosverpackung vun elo un beim Comité Alstad duerch iwwerweisen vun 30 € op een vun onsen Konten bei der

**Fortis Bank Lëtzebuerg:**
**IBAN LU64 0030 7564 6694 0000**

**Spuerkeess:**
**IBAN LU64 0019 1755 0897 0000**

**Postscheck:**
**IBAN LU02 1111 0080 8736 0000**

Ohuelen kann een säin bestallten a bezuelten Kravatte déi vum 15 Dezember 2006 un an der Galerie "Konschthaus beim Engel" op N° 1 an der Logegass um Fëschmaart, an dat all Dag vun muerjes 10:00 bis 12:00 Auer a nométtes vun 13:00 bis 19:00 Auer. Méindes ass d'Galerie zou.

**Och nach eng Idee fir schéinen Kado fir déi kommend Feierdeeg vum Joeresënn.**






**Magic Christmas**

## GOLDEN 5 BRASS


**MEETS ART OF VOICES**

1. Concerto de Vivaldi (arr. Louis Babin) – 2. First Noël (trad. Arr. Patrick Haas) – 3. I Wonder as I Wander ((J.J. Niles, arr. Roger Harvey) – 4. Il est né le le divin' enfant (anonymus, arr. Patrick Haas) – 5. Minuit chrétien (Adolphe Adam, arr. Ernst-Thilo Kalke) – 6. Air de G.F. Haendel (arr. Fred Mills) – 7. A special Christmas Medley for you (arr. Félix Schaber) – 8. Trumpet Tune (John Stanley arr. Patrick Haas) – 9. Fantasy of Silent Night (arr. Félix Schaber) – 10. White Christmas (Bing Crosby/Irving Berlin, arr. Félix Schaber) – 11. Jingle-Bell Rock (Joe Beal/Jim Boothe, arr. Félix Schaber) – 12. Good Night (ohn Lennon/paul McCartney, arr. Félix Schaber).

Dösen CD ass genau dat richtegt fir déi kommend Chrëschtdeeg fir Iech selwer oder als Kado fir Är Famill a Frënn.

**De Präis vun dösem flotte CD ass 12 €.**

## E Puzzle vun der Alstad



E flotten Zäitverdreif fir déi lang Wanterméint, fir grouss a kleng, fir jonk an al ass dösen flotten Puzzle mat enger Vüe vum Staatsarchiv aus op d'Corniche. De Puzzle besteet aus 300 Deeler an huet Dimensioun vun 36 cm x 49 cm wann en ganz fäerdeg ass.

**De Präis vum Puzzle CD ass 7,5 €.**

**Vill Spass beim puzzlen**



## Vue vun der Stad Lëtzebuerg, 1870

Dös flott Vüe vun der Stad Lëtzebuerg, vum Fetschenhaff ausgesinn, huet den Nicolas Liez am Joer 1870 gemolt. Dös Reproduktioun hat de Comité Alstad am Joer 2003 eraus ginn. Mir ginn ëmmer nach gefrot op döst Bild nach ze kréien ass. Jo och hei vun sinn nach Exemplairen do. Och eng schéin Iddi fir e Kado. –

**De Präis fir dös Reproduktioun ass 25 €.**

## 2 Lithographien

**mat Szenen aus dem Michel Rodange sengem Renert**

De Pit Wagner vu Jonglënster huet dös 2 Lithographien mat Szenen aus dem Michel Rodange sengem Renert entworf an och selwer zu Paräis op der Press vum bekannten Atelier Pons op Pabeier Vélin 250 g gemach huet. De Comité Alstad hat dös Lithographien am Joer 2001, am Kader vum 125. Doudesdag vum Michel Rodange an enger Oplo vun nömmem 300 exemplaire erausbruecht. Et sinn awer nach e puer Exemplairen do, a mir mengen dass datt och vlächt eng gudd Iddi vir als Kado un d'Famill oder Frënn.

**Präis vun déinen 2 Lithographien ass 75 €.**





Bestellen kann een, den **CD Magic Christmas oder déi 2 Lithograhien mat Szenen aus dem Michel Rodange sengem Renert oder d'Vue vun der Stad Lëtzebuerg - 1870 oder den Puzzle vun der Alstad**, vun elo un beim Comité Alstad duerch iwwerweisen vun der entspriechender Zomm op een vun onsen Konten bei der

**Fortis Bank Lëtzebuerg:** **IBAN LU64 0030 7564 6694 0000**
**Spuerkeess:** **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000**
**Postscheck:** **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000**

Ofuelen kann een säin Commande vum 15 Dezember 2006 un an der Galerie "Konschthaus beim Engel" op N° 1 an der Logegass um Fëschmaart, an dat all Dag vun muerjes 10:00 Auer bis 12:00 Auer a nomëttes vun 13:00 Auer bis 19:00 Auer. Méindes ass d'Galerie zou.

Mir hoffen, mir konnten Iech e wéineg behölleflech sinn an der Wiel vun de Kadoën fir déi kommend Feierdeeg a wönschen Iech schéin Chrëschtdeeg an e gudden Rutsch an d'Joer 2007.